



N° 4967
Reçue le 15.09.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 16.09.2021

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/09/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Wunnéngsbau weiderzeleeden.

D'Präisser um private Logementsmarché sinn an de leschte Joren ëmmer weider ugestigen a fir vill Leit stellt d'Finanzéiere vun engem appropriéierte Wunnraum fir sech an eventuell hier Famill dofir eng grouss Erausforderung duer. Fir Persoune mat geréngem Akommes an och de Mëttelstand ze ënnerstëtzen, Loyerer, Immobiliékreditter oder Käschte vu Renovatiounen an alen Haiser ze bezuelen, goufen eng ganz Rei staatlech Aiden an d'Liewe geruff.

Ob dës Aiden de Betreffene wierklech hëllefen, hänkt vun hirer Héisch of a vun der Vitesse an där se kënnen ausbezuelen ginn.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Um locative Wunnengsmaart soll de Leit mat Loyers Subventionne gehollef ginn, déi steigend Loyerer och mat geréngen Akommes nach bezuelen ze kënnen.
 - Wéi héisch ass de maximale Montant, deen en Demandeur/Menage vun enger Subvention de Loyer ausbezuelen ka kréien?
 - Wéi héich däerf d'Akommes vum Demandeur/Menage maximal sinn, fir dass nach vun enger Subvention de Loyer ka profitéiert ginn? Wéi héich sinn d'Aiden an deem Fall nach?
 - Goufen dës Grenzwärter an de leschte Jore wéinst de steigende Wunnengspräisser no uewe korrigéiert?
 - Ass de Minister der Meenung, dass dës Montanten un den aktuelle Marché ugepasst sinn?
2. Well d'Wunnengspräisser ëmmer weider an d'Luucht ginn, gëtt et fir Persoune mat geréngen a mëttleren Akommes och ëmmer méi schwéier selwer Proprietär vun enger Immobilie ze ginn. D'*Prime de construction* an d'*Prime d'acquisition* sollen de Leit hëllefen eegene Wunnraum ze kafen.
 - Wéi héisch ass jee weils de maximale Montant, deen en Demandeur/Menage vun enger Prime de construction/Prime d'acquisition ausbezuelen ka kréien?
 - Wéi héich däerf d'Akommes vum Demandeur/Menage maximal sinn, fir dass nach vun enger Prime de construction/Prime d'acquisition ka profitéiert ginn?



www.piraten.lu

- Wéi héich sinn d'Aiden an deem Fall nach?
- Goufen dës Grenzwäerter an de leschte Jore wéinst de steigende Wunnengspräisser no uewe korrigéiert?
 - Ass de Minister der Meenung, dass dës Montanten un den aktuelle Marché ugepasst sinn?
3. Wéi vill Dossiere goufe jeeweils fir déi folgend Aiden agerecht (oder goufe fir eng reegelméisseg Reevaluatioun nees opgemaach) a ginn aktuell nach traitéiert?
- Subventions de loyer
 - Garantie locative
 - Prime de construction
 - Prime d'acquisition
 - Prime d'épargne
 - Complément de prime pour frais d'architecte et d'ingénieur-conseil
 - Aide pour aménagements spéciaux pour personnes handicapées physiques
 - Prime d'amélioration
 - Subvention d'intérêt
 - Bonification d'intérêt
- Wat ass an der Moyenne d'Zäit déi tëscht der Introductioun/Reouverture vum Dossier a senger Clôture/dem Ausschëdde vun der Aide vergeet (opgelëscht pro Aide aus der hei ugefouerter Lëscht)?
4. Ass aktuell genuch Personal an der Administratioun des Aides au Logement ageallt, fir d'Dossieren an engem rasonablen Zäitraum ze traitéieren?
5. Wéi kéinten d'Prozeduren optiméiert ginn, fir e méi séiert Traitement vun den Dossieren ze erméiglechen?

Mat déiwem Respekt,



CLEMENT Sven

Député

